Depot : Alexandra Schoos

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et e Manktem u praktizéierenden Dokteren hei zu Lëtzebuerg gëtt;
- et kee legale Kader fir Medezinner am Ugestallten-Verhältnis gëtt;

ass sech bewosst, datt

- fräiberufflech Doktere méi héich beruffsbedéngt Obligatiounen ze droen hunn (Loyer, Personalkäschten, Uschafung vu medezineschem Material, administrativ Aufgaben, asw.), wat et ville jonken Dokteren onméiglech mécht, als fräiberufflechen Dokter unzefänken;

fuerdert d'Regierung op,

- méiglechst séier e legale Kader fir den „Médecin salarié" ze schafen, deen allen Dokteren zeguttkënnt, déi an engem Ugestallten-Verhältnis mat aneren Dokteren zesummeschaffe wéilten.

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742